PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
23 OCT. 2019
1380

Lëtzebuerg, den 23/10/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

De Code de la Route gesäit vir, dass d'Vitesslimitatioun op den Autobunne bei Nidderschlag vun 130km/h op 110km/h erofgesat gëtt. Dës Mesure besteet aus Precautioun, well bei naasse Stroossen de Bremswee méi laang ass wéi op dréchene Stroossen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wei vill Autofuerer op enger Autobunn, déi bei Nidderschlag méi schnell wéi 110km/h gefuer sinn, goufen an de leschte 5 Joer protokolléiert (opgelëscht pro Joer)?
2. Gi bei Nidderschlag och d'Schwellewäerter vun de mobille Radaren op 110km/h ëmgestallt?
3. Wéi vill Accidenter goufen et an de leschte 5 Joren op den Autobunne bei Nidderschlag?
4. Wéi oft huet d'Police an de leschte 5 Joren d'Vitesslimitatiounen op den Autobunne bei Nidderschlag kontrolléiert?
5. Ass de Minister der Meenung, dass genuch Policekontrolle bei schlechte Wiederkonditiounen duerchgefouert gi sinn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
24 JAN. 2020

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Luxembourg, le 24 JAN. 2020

Objet : Question parlementaire n° 1380 du 23 octobre 2019 de Monsieur le Député Marc GOERGEN au sujet des limitations de vitesse en cas de pluie

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

François BAUSCH

Réponse de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure François BAUSCH à la question parlementaire n°1380 du 23 octobre 2019 de Monsieur le Député Marc GOERGEN au sujet des limitations de vitesse en cas de pluie

Ad Fro 1

D' statistesch Datebanken vun der Police erméiglechen et net, op Wiederconditiounen ze filteren.

Dat selwecht gelt och fir d'Avertissements taxés, do awer aus deem Grond, dass déi Artikele vum Code de la Route déi hei a Fro kommen fir ze héich Vitessen op der Autobunn ze sanktionéieren, identesch libelléiert sinn *(Inobservation sur une autoroute de la limite de vitesse de 130 km/h par temps normal ou de 110 km/h en cas de pluie ou d'autres précipitations par un autre véhicule)*, onofhängeg dovunner wéi d'Wiederkonditiounen sinn. Hei gëtt just den Depassement u sech sanktionéiert (Art. 139-17: dépassement étant inférieur ou égal à 25 km/h / Art. 139-18: le dépassement étant supérieur à 25 km/h).

Ad Fro 2

D'Schwellewäerter vun de mobille Radare gi systematesch ëmgestallt wann d'Wiederconditiounen dëst erfuerderen.

Ad Fro 3

D'statistesch Datebanken vun der Police erméiglechen et net, op dëse gefroten Punkt ze filteren. Deemno ass net gewosst wéivill Accidenter et an de leschte 5 Joeren op den Autobunne gouf wéinst Nidderschlag.

Ad Fro 4

D' Policeunitéit op der Autobunn ass all Dag am Asaz a mécht regelméisseg Kontrolle souwuel mam mobile Radar wéi och aus dem fuerenden Auto raus. Heibäi gëtt awer net festgehalen, ënnert wéi enge Wiederconditiounen dës Kontrollen duerchgefouert goufen.

Ad Fro 5

D'Police ass bei allen Wiederconditiounen present op der Strooss. Schlecht Wiederconditiounen stellen natierlech en erhéichten Risque duer fir d'Sécherheet vun den Verkéiersteilnehmer an den Polizeibeamten sou datt au cas par cas muss évalueiert ginn op Kontrollen bei schlechten Wiederconditiounen duerchgefouert kënnen ginn.